
# Parbréif

Par Regioun Iechternach St Willibrord

Nr 2/23



*Editorial...*

# 40 Deeg ouni... ze léien!

A*m Aschermittwoch ist alles vorbei...*”heescht et an engem Fueslidd. Dat stëmmt (vläit) fir d’Fuesent. Fir eis awer fänkt mat Äschermëttwoch eppes Neies un: D’Faaschtenzäit, déi eis op Ouschteren hiféiert. D’Faaschtenzäit sou wéi mir se kennen geet zréck op 4./5. Jh. an orientéiert sech un der helleger Zuel 40 (z.B. déi 40 Deeg a Nuechten, déi de Jesus viru sengem ëffentleche Wierken an der Wüüst verbruecht huet, Mt 4,1-2).

D’Faaschtenzäit, och “Österliche Busszeit” genannt, preparéiert eis eigentlech op d’Feier vun der Ouschternuecht, der Opersteeung vum Jesus, der Iwwerwannung vum Doud. Et ass dofir och déi traditionell Zäit vum Verzicht. De Verzicht op eppes, wat eis vum Liewen ofhält. Vill Leit versichen de Genoss vun Alkohol, Séissegkeeten oder Zigaretten ze reduzéieren oder ganz doropper ze verzichten. Anerer wëllen manner mam Auto fueren (Autofasten) oder d’Zäiten bei der Telé oder beim Computer begrenzen.




De Journalist Jürgen Schmieder beschreift a sengem Buch “Du sollst nicht lügen! Von einem der auszog, ehrlich zu sein » wéi hien 40 Deeg laang gelieft huet ouni ze léien. Ganz ouni Ligen, sief et am Beruff, doheem oder mat Frënn. Och déi klengsten Noutligen war tabu.

Véierzeg Deeg nëmmen d’Wouerecht soen, ëmmer éierlech sinn, an all Situatioun, dat ass net einfach. Och wa mer dat 8. Gebot kennen: « Du sollst nicht falsch gegen deinen Nächsten aussagen» (Ex 20,16) sou wësse mer awer, datt Ligen zum Alldag gehéieren. Experte soen datt de Mënsch duerchschnëttlech 200 mol am Dag litt: aus Héiflechkeet, Diplomatie oder Bequeemlechkeet.

Dem Jürgen Schmieder säi Fazit ass: Et war absolut net einfach – an et huet vill Problemer an Diskussiounen mat sech bruecht – jo, Leit, déi him souguer duerno de Réck gedréint hunn, well se verletzt waren, well se net verstanen hunn...

Et geet am Alldag net ouni Ligen, awer en Alldag an der Ligen ass net auszehalen. Hie schreift: “Lügen sind ein notwendiges Übel, wahres Glück

Titelbild: D'Burer Kierch Foto: © Luc Schreiner

wird der Mensch jedoch nur erfahren, wenn er von Grund auf ehrlich ist."

D'Faaschtenzäit kann sou eng Zäit sinn, wou mer mol een Ablack STOPP soen – mol kucken wou ech stinn. Fir éierlech mat sech selwer a mat deenen aneren ze sinn, deem aneren respektvoll d'Wouerecht soen – dat brauch och Courage. Et geet ëm eng Liewenshaltung – déi ech net einfach nëmmen fir e puer Deeg anhuele kann an dann nees zur Dagesuerdnung iwwergoen. Et geet em méi : et geet ëm en echt an e gutt Liewen.

An d'Faaschtenzäit wëll soss näischt, wéi einfach nëmmen de Bléck nei schäerfen, eis méi no un d'Liewe féieren, letztendlech méi no u Jesus Christus, deen de Wee, d'Wouerecht an d'Liewen ass.

Ech wënschen eis all eng gutt Faaschtenzäit.

*Francis Erasmy*




## Parbréif Inhalt


| | | | |
|---|---|---|---|
| Editorial... | 2 | Erklärung Titelbild | 22 |
| Masseprogramm | 4 - 14 | Dëst & Dat | 24 |
| Impressum | 15 | Kanner a Jugend | 26 |
| Karwoch an Ouschteren | 16 | Dat (Vir-) Lescht | 27 |
| Liestipp | 18-20 | . | |

# 1. Faaschtesonndeg A

"Invocabit"

Mt 4,1-11

**Samschdes 25.02.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | **Mass** (Muttergotteskapell) |
| Echternach | 15.00 | Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer) |
| Berdorf | 16.30 | **Kannergottesdéngscht** |
| Beaufort | 18.00 | **Kannergottesdéngscht** |
| Herborn | 18.00 | **Virowendmass** Fam Weydert-Lutz-Kleyr / Fam Dahm-Roulling-Reiter |
| Godbrange | 18.30 | **Virowendmass** St Maria a Cath Jegen an Dora a Joseph Jegen, Fam Pierre Stein (20) |
| Echternach | 18.30 | **Virowendmass** Jm Jos Petesch / 6. Wm Aly Neuhengen / 1. Jm Catherine Bollendorff-Ries |

**Sonndes 26.02.**

| | | |
|---|---|---|
| Girsterklaus | 09.00 | **Mass** St f. Stifter u. Wohltäter |
| Hemstal | 09.00 | **Tëleesmass** op Meenung / Jm Pierre Witry |
| Echternach | 09.00 | **Mass** Jos a Maria Wohner-Schmit a René Wohner |
| Echternach | 10.30 | **Mass** fir d'Par |
| Rosport | 10.30 | **Gottesdéngscht** |
| Junglinster | 10.45 | **Mass** 1. Jm Denis Dimmer / Marcel a Jean Beck Jean-Pierre an Odile Emering-Kieffer / op Meenung |
| Echternach | 11.45 | **Daffeier** fir Sofia Da Silva |
| Girsterklaus | 15.30 | **Rousekranz** |
| Echternach | 18.30 | **Owesmass** Armand Hecker a Fam Hecker-Plein |

**Méindes 27.02.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass (Krypta) z. E. v. hl. Willibrord - op Meenung vun de Pilger |

Der Mensch lebt
nicht nur vom Brot,
sondern von jedem Wort,
das aus Gottes Mund kommt.

*Mt 4,4*



**Dënschdes 28.02.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass |
| Osweiler | 09.30 | Mass |
| CIPA-Consdorf | 10.30 | Mass St Fam Huberty (Br 2006) |
| Born | 18.30 | Kräizwee duerno Beichtgeleeënheet |
| Echternach | 19.00 | Date mat Gott - Gebiet fir Jugendlech (Parzenter) |

**Mëttwochs 01.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass (Muttergotteskapell) |
| Beaufort | 10.30 | Gottesdéngscht (Seniorenresidenz) |
| Echternach | 18.30 | Kanner- a Familljemass |

**Donneschdes 02.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass op Meenung JJ |
| Echternach | 18.30 | Kräizwee |
| | 19.00 | Vesper |
| Girsterklaus | 18.30 | Gebietsowend - Rousekranz |
| | 19.00 | Mass fir d'Erneierung am Glawen a fir Beruffungen, duerno Stëll Anbetung |

**Freides 03.03.** *Weltgebietsdag vun de Fraen*

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass op Meenung FPMP |
| | duerno | Stëll Anbetung bis 10.00 Auer |
| Berdorf | 15.00 | Gebiet - Weltgebietsdag vun de Fraen |
| Rosport | 18.00 | Kannergottesdéngscht |
| Junglinster | 18.00 | Stëll Anbetung |
| | 18.30 | Mass St Fam Lesch-Stein |
| Moersdorf | 19.30 | Mass<br>kuerz Häerz-Jesu Andacht |

David s'écriait : "Je l'ai dit, maintenant je commence (Ps 76.11)".
Et saint Charles Borromée allait répétant : " Aujourd'hui je commence à servir Dieu ". Il nous faut agir de même, comme si jusqu'ici nous n'avions fait aucun bien. En effet, quoi que nous fassions pour Dieu, ce tout n'est rien, et ce tout n'est que notre devoir. Renouvelons donc chaque jour la résolution d'appartenir entièrement à Dieu.

*Saint Alphonse de Liguori, L'art d'aimer Jésus-Christ, VIII*

# 2. Faaschtesonndeg A

"Reminiscere"

Mt 17,1-9

**Samschdes 04.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | **Mass** (Muttergotteskapell) |
| Girsterklaus | 11.30 | **Mass** 1. Jm Raymond Hoffmann |
| Echternach | 15.00 | Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer) |
| Berdorf | 16.30 | **Kannergottesdéngscht** |
| Beaufort | 18.00 | **Kannergottesdéngscht** |
| Born | 17.30 | **Rousekranz** |
| | 18.00 | **Virowendmass** Marguerite a Mathias Hurt-Trierweiler / Erny Scheuer a Peter-Dahlem |
| Bech | 18.00 | **Gottesdénscht** |
| Gonderange | 18.30 | **Virowendmass** St Nicole Kremer-Frank |
| Echternach | 18.30 | **Virowendmass** op Meenung DLHN / Fam Osweiler-Wirtz an Osweiler-Lauer |

**Sonndes 05.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Girsterklaus | 09.00 | **Mass** |
| Echternach | 09.00 | **Mass** |
| Echternach | 10.30 | **Mass** fir d'Par / 6. Wm Pir Leitz |
| Rosport | 10.30 | **Mass** Léonie an Camille Girst-Weber |
| Berdorf | 10.45 | **Mass** 1. Jm Marie-Léonie Neises-Scharff, 10. Jm Jean-Pierre Scharff / 1. Jm Romain Schmiz |
| Junglinster | 10.45 | **Familljemass** Anny, Anni a Jean Hosinger-Versall / St Eugène Sauber |
| Junglinster | 11.45 | **Daffeier** Tobias Buschhoff |
| Girsterklaus | 15.30 | **Rousekranz** |
| | 16.00 | **Andacht** déi éischt fir 2023 |
| Bollendorf-Pont | 18.00 | **Mass** |
| Echternach | 18.30 | **Owesmass** St Fam Dieschbourg-Schacht |

**Méindes 06.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass (Krypta) z. E. v. hl. Willibrord - op Meenung vun de Pilger |

**Dënschdes 07.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass St Mathilde Kremer-Rehlinger |
| Osweiler | 09.30 | Mass |
| CIPA-Consdorf | 10.30 | Mass als St fir Hw. Felix Huberty (Br 2006) |
| Herborn | 18.30 | Kräizwee duerno Beichtgeleeënheet |
| Rodenbourg | 18.30 | Mass Fernande an Denis Dimmer-Hein |

**Mëttwochs 08.03.**


| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass (Muttergotteskapell) Fiori Sedani |
| CIPA-Lënster | 11.00 | Mass |
| Echternach | 18.30 | Kanner- a Familljemass |

**Donneschdes 09.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass Fam Kohn-Parisot |
| Echternach | 18.30 | Kräizwee zesummen mat de Fraen a Mammen |
| | 19.00 | Vesper |

**Freides 10.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass St Fam Nic Goedert-Gevelinger |
| Rosport | 18.00 | Kannergottesdéngscht |
| Junglinster | 18.00 | Stëll Anbetung |
| | 18.30 | Kanner- a Familljemass |
| Echternach | 19.30 | **Mir liesen d'ganz Matthäusevangelium**<br>Eng Bibelnuecht an der Basilika<br>*(et dauert gutt 3 Stonnen, d'Heizung ass un!)* |



© Foto: Peter Kane

In jener Zeit nahm Jesus Petrus, Jakobus und dessen Bruder Johannes beiseite und führte sie auf einen hohen Berg. Und er wurde vor ihnen verwandelt; sein Gesicht leuchtete wie die Sonne und seine Kleider wurden weiss wie das Licht. Und siehe, es erschienen ihnen Mose und Elija und redeten mit Jesus.

Mt 17,1

# 3. Faaschtesonndeg A

"Oculi"

Joh 4,5-42

**Samschdes 11.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | **Mass** (Muttergotteskapell) St Franz Lahr-Gierten a Fam |
| Echternach | 15.00 | Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer) |
| Berdorf | 16.30 | **Kannergottesdéngscht** |
| Beaufort | 18.00 | **Kannergottesdéngscht** |
| Consdorf | 18.00 | **Virowendmass** Jm Eugène Demuth a Fam Demuth-Arend / Jm Ady Molitor a Fam Molitor-Demuth |
| Godbrange | 18.30 | **Virowendmass** Fam Wurth-Schreiber u. Kerger-Damé u. Ugen-Damé / Marie a Joseph Lemmer-Braun an Henri Lemmer / St Nic Mangen a Marie Lambert |
| Echternach | 18.30 | **Virowendmass** Emmanuel Schoentgen a Fam Schoentgen-Schumacher / Lucie Roeder-Schmit a Fam / Jm Théo Herckes a Marie Kremer, Fam Herckes-Melchers an Heller-Kremer |
| Echternach | 20.00 | **Messe** de la communauté portugaise |

**Sonndes 12.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Girsterklaus | 09.00 | **Mass** Jm Emile Schroeder |
| Hemstal | 09.00 | **Mass** 1. Jm fir Albert Frisch / Jm fir Irma Meyers-Schmit / St fir d'Marscherleit |
| Echternach | 09.00 | **Mass** Fam Gilbertz a Fam Oberweis |
| Echternach | 10.30 | **Mass** fir d'Par / 7. Jm Alphonse Bisenius / 7. Jm Marianne Bischoff / Mgr Emile Seiler |
| Osweiler | 10.30 | **Mass** André Schwartz / Beby Ries<br>Verabschiedung vum Organist Alphonse Ries |
| Beaufort | 10.45 | **Gottesdéngscht** Jos Scholtes / Jean-Pierre Hoff |
| Berdorf | 10.45 | **Mass** 6. Wm Marcel Adehm / Angelo an Angela Verna-Comes |
| Junglinster | 10.45 | **Mass** Léonie a Robert Ludovicy-Graas / 2. Jm Tilly Spartz / 5. Jm Josy Weydert / 6. Wm Suzette Brentener-Picard |
| Echternach | 11.45 | **Daffeier** Lionnel Moos |
| Girsterklaus | 15.30 | **Rousekranz** |
| | 16.00 | **Andacht** z.E. v. h. Jousef |
| Echternach | 18.30 | **Owesmass** St Fam Feilen-Schacht |

**Méindes 13.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass (Krypta) z. E. v. hl. Willibrord - op Meenung vun de Pilger |
| Altrier | 18.00 | Mass Jm Anne-Marie a Felix Hilger-Colbette / St Susanne an Elise Casel, Jean Knepper an Anna Casel (1999) |

**Dënschdes 14.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass St Fam Weber |
| Osweiler | 09.30 | Mass |
| CIPA-Consdorf | 10.30 | Mass St Nic Muller a Maria Dohm |
| Osweiler | 18.30 | Kräizwee duerno Beichtgeleeënheet |
| Echternach | 19.00 | Date mat Gott - Gebiet fir Jugendlech |

**Mëttwochs 15.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass (Muttergotteskapell) Jos Ries a Fam |
| Beaufort | 10.30 | Gottesdéngscht (Seniorenresidenz) |
| Echternach | 18.30 | Kanner- a Familljemass |

**Donneschdes 16.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass St Fam Kohn-Parisot |
| Echternach | 18.30 | Kräizwee |
| | 19.00 | Vesper |

**Freides 17.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass St Marie-José Kuffer a Fam |
| Girsterklaus | 18.00 | Kannerwallfahrt bei den hl. Jousef |
| Junglinster | 18.00 | Stëll Anbetung |
| | 18.30 | Kanner- a Familljemass |
| Steinheim | 19.30 | Mass Hubert Conjaerts |

© Foto: Michael Tillmann



**Jesus sagte zur Samariterin: Wer von diesem Wasser trinkt, wird wieder Durst bekommen; wer aber von dem Wasser trinkt, das ich ihm geben werde, wird niemals mehr Durst haben, vielmehr wird das Wasser, das ich ihm gebe, in ihm zu einer Quelle werden, deren Wasser ins ewige Leben liesst."**

*Joh 4,13-14*

# 4. Faaschtesonndeg A

"Laetare" - *Halleffaaschten*

Joh 9,1-41

**Samschdes 18.03.** *MAFREMA*

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | **Mass** (Muttergotteskapell) St abbé Jos Hirt u. Fam |
| **Echternach** | **10.30** | **Mass** fir d'Lëtzebuerger Massendénger |
| Echternach | 15.00 | Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer) |
| Berdorf | 16.30 | **Kannergottesdéngscht** |
| Beaufort | 18.00 | **Kannergottesdéngscht** |
| Echternach | 17.00 | **Daffeier** fir Julien Reis an Nelio Reis Foz |
| Born | 18.00 | **Virowendmass** Gertrud a Norbert Gärtner / Fam Schiltz-Haan a Pierre Schiltz / Jospehine an Hubert Weydert-Adehm / St Fam Hein-Lies |
| Gonderange | 18.30 | **Virowendmass** Nicole Kremer-Frank, Jos Goebel-Kieffer, Flore a J-P Kremer-Steffen, Irma an Emile Kieffer-Linden, Armand Seyler-Kieffer |
| Echternach | 18.30 | **Virowendmass** St Hermann an Lina Wielkowolsky-Dom a Fam Dom-Dell / op Meenung IS |

**Sonndes 19.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Girsterklaus | 09.00 | **Mass** z.E. v. hl. Jousef / Angie a Jos Bisenius-Hinkel / Josephine Trierweiler-Casel / Josiane Schuler |
| Echternach | 09.00 | **Mass** Jos a Maria Wohner-Schmit a René Wohner |
| Echternach | 10.30 | **Mass** fir d'Par / Jules Rollmann |
| Rosport | 10.30 | **Mass** 20. Jm abbé Aloyse Grosbusch a Fam Grosbusch / Anna an Emile Leonardy-Braun |
| Junglinster | 10.45 | **Mass** Josy Theisen, Marguerite a Jean Ernzen-Boden<br>1. Jm Juliette Jungbluth-Weyler / Charel Thill a Fam |
| Junglinster | 11.45 | **Daffeier** Aurélie Hoeser |
| Girsterklaus | 15.30 | **Rousekranz** |
| | 16.00 | **Andacht** Astëmmung op Jousefsdag |
| Echternach | 18.30 | **Owesmass** 10. Jm Gérard Wohl / St Fam Wohl-Sauber |

**Méindes 20.03.** ***Héichfest vum Hl. Jousef***

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass (Krypta) |
| **Girsterklaus** | 14.30 | Rousekranz a Lidder z. E. v. hl Jousef |
| | 15.15 | **Festmass \| Ouverture vun der Pilgersaison**<br>z.E. v. hl. Jousef / fir all Pilger / Jos Bisenius a Nic Stronck (LS) / Nicki Fohl / Hubert Schmitt "Klimmes" / Peter München |
| Breidweiler | 18.00 | Mass Jean Wewer a Fam / Alice, Marcel a Jean-Marie Schmit, Pierre a Pauline Laugs-Stassen |

**Dënschdes 21.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass St Bernard Weber |
| Osweiler | 09.30 | Mass |
| CIPA-Consdorf | 10.30 | Mass z.E. v. hl Jousef |
| Altlinster | 18.00 | Mass 6. Wm Catherine Bisenius |
| Moersdorf | 18.30 | Kräizwee duerno Beichtgeleeënheet |

**Mëttwochs 22.03.**


| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass (Muttergotteskapell) |
| Beaufort | 10.30 | Gottesdéngscht (Seniorenresidenz) |
| Echternach | 18.30 | Kanner- a Familljemass |

**Donneschdes 23.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass St Fam Leiner-Schott |
| Echternach | 14.30 | Seegensfeier Lisa Gras a Miguel Meireles |
| Echternach | 18.30 | Kräizwee |
| | 19.00 | Vesper |

**Freides 24.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass St Fam Loutsch-Braun |
| Rosport | 18.00 | Kannergottesdéngscht |
| Junglinster | 18.00 | Stëll Anbetung |
| | 18.30 | Kanner- a Familljemass |
| Mompach | 19.30 | Mass St Albert Wagner |




Lassen wir uns den Herrn nicht entgehen: "Ich habe Angst, dass der Herr vorbeigeht", sagte der heilige Augustinus. Angst, dass er vorbeigeht und ich ihn vorbeigehen lasse. Verleihen wir unserem wahren Wunsch Ausdruck: "Jesus, ich möchte wieder sehen können"

*Papst Franziskus*

# 5. Faaschtesonndeg A "Iudica" Joh 11,1-45

## *Kollekte fir partage.lu - Bridderlech Deelen*

**Samschdes 25.03.** **Héichfest "Verkündigung des Herrn**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | **Mass** (Muttergotteskapell) |
| Echternach | 15.00 | Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer) |
| Berdorf | 16.30 | **Kannergottesdéngscht** |
| Beaufort | 18.00 | **Kannergottesdéngscht** |
| Altlinster | 17.00 | **Daffeier** fir Hannah Becker |
| Godbrange | 18.30 | **Virowendmass** St Fam Peffer-Walch |
| Echternach | 18.30 | **Virowendmass** op Meenung MM / St Ehel Aloyse Ernzer a Marguerite Wagner |

**Sonndes 26.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Girsterklaus | 09.00 | **Mass** |
| Berdorf | 09.00 | **Tëleesmass** mat de Kanner |
| Echternach | 09.00 | **Mass** Marianne Bischoff |
| Echternach | 10.30 | **Mass** fir d'Par |
| Rosport | 10.30 | **Gottesdéngscht** |
| Junglinster | 10.45 | **Mass** Jm Julie Mangen a Fam / Marcel a Jean Beck<br>*dës Mass gëtt gesongen vum* **Göttinger Knabenchor** |
| Junglinster | 11.45 | **Daffeier** fir Leo Huberty |
| Girsterklaus | 15.30 | **Rousekranz** |
| | 16.00 | **Andacht z. E. v. hl. Jousef** |
| Echternach | 18.30 | **Owesmass** St Fam Huls-de Jong |

# Partage.lu - Bridderlech deelen

1966 vum Bëschof vu Lëtzebuerg gegrënnt, setzt sech d'Fondatioun Partage-Luxembourg-Bridderlech Deelen zënter méi wéi 50 Joer fir eng Verbesserung vun de Liewensbedéngungen vu Gemeinschaften an Afrika, Latäinamerika an an Asien an.

**An de Kierchen fannt Dir Enveloppen fir d'Faaschtenaktioun 2023.**

Dir kënnt Äeren Don och iwwerweisen op de Konto:

**CCPL LU74 1111 1261 0097 0000**

fondation partage luxembourg

**Méindes 27.03.**

Echternach 09.00 Mass (Krypta) z. E. v. hl. Willibrord - op Meenung vun de Pilger

**Dënschdes 28.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass St Julie Alberty a Fam |
| Osweiler | 09.30 | Mass |
| Mompach | 18.30 | Kräizwee duerno Beichtgeleeënheet |
| Echternach | 19.00 | Date mat Gott - Gebiet fir Jugendlech |

**Mëttwochs 29.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass (Muttergotteskapell) Roger Ernzer |
| Beaufort | 10.30 | Gottesdéngscht (Seniorenresidenz) |
| CIPA-Lënster | 11.00 | Mass |
| Echternach | 18.30 | Kanner- a Familljemass |

**Donneschdes 30.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass |
| Echternach | 18.30 | Kräizwee |
| | 19.00 | Vesper |

**Freides 31.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass<br>St Ehel Marcel u. Gerda Pündel-Spaniol u. Ehrendechant Marcel Pundel |
| Rosport | 18.00 | Kannergottesdéngscht |
| Junglinster | 18.00 | Stëll Anbetung |
| | 18.30 | Mass St Fam Streff-Hilger |
| Herborn | 19.30 | Mass Fam Braun-Schoellen-Meiers<br>Fam Dahm-Roulling-Reiter a Marie-Josée Dahm |



© Foto: Michael Tillman

Ich finde mich, indem ich mich
von ihm finden lasse:
"Komm heraus!"
Seine Stimme betrifft mich
und holt mich heraus,
in seine Gegenwart,
wo ich bleibe.

*Karl Enderle*

# Pällemsonndeg

## Ufank vun der Karwoch

**An alle Massen gëtt de Pällem geseent, bréngt w.e.g. de Pällem mat**

**Samschdes 01.04.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | **Mass** (Muttergotteskapell) |
| Echternach | 15.00 | Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer) |
| Berdorf | 16.30 | **Kannergottesdéngscht** |
| Beaufort | 18.00 | **Kannergottesdéngscht** |
| Junglinster | 17.00 | **Daffeier** fir Adélaïde Sybille Prussen |
| Born | 18.00 | **Seene vum Pällem** an der Morgue, **Pressessioun Virowendmass** Marguerite Kox-Ernster a Fam |
| Consdorf | 18.00 | **Virowendmass** Jm René Herckes a Fam Herckes-Demuth / Roger a Charlotte Schroeder-Stelmes / Fam Wolff-Flammang a Wolff-Dostert |
| Gonderange | 18.30 | **Virowendmass** |
| Echternach | 18.30 | **Virowendmass** op Meenung DLHN / St Fam Scheuer-Storck-Kapp |

**Sonndes 02.04.**

| | | |
|---|---|---|
| Girsterklaus | 09.00 | **keng Mass** |
| Hemstal | 09.00 | **Mass** St Fam Casel-Thein-Engel, Matthias Schmit a Fam (A 1999) / St Albert Wilhelm a Marie Gehlen (A 1998) |
| Echternach | 09.00 | **Keng Mass** |
| Rosport | 10.00 | **Pällemweih** beim Schlass, **Prëssessioun** an d'Kierch |
| | duerno | **Mass** Virginie a Christine Wengler / Marcel Roeder-Schmit a Fam |
| Echternach | 10.00 | **Pällemweih** am Stadpark beim Pavillon, **Prëssessioun** an d'Basilika |
| Echternach | 10.30 | **Mass** zesummen mat de Kommuniounskanner / fir d'Par |
| Beaufort | 10.40 | **Mass** Jos Scholtes / Jean-Pierre Hoff |
| Junglinster | 10.45 | **Mass** Fam Berns-Mangen / Nico Kirpach / St Jean-Pierre Emering u. Odile Kieffer / op Meenung / 1. Jm Henri Reiter, Julie Mahnen-Bulthuis |
| Echternach | 11.45 | **Daffeier** Athena Kops |
| Girsterklaus | 15.30 | **Rousekranz** |
| | 16.00 | **Andacht** Astëmmung an d'Karwoch |
| Echternach | 18.30 | **Owesmass** St Bertha Schacht-Feilen |

**Impressum** Parbréif Par Regioun Iechternach St Willibrord
Oploo: 3000 Ex., kënnt ca 8 mol am Joër eraus, gedréckt an der Imprimerie de l'Est.
De nächste Parbréif kënnt de 02. Abrëll eraus a geet bis de 21. Mee 2023.
**Redaktiounsschluss 10. Mäerz 2023**

# Kontakt

**Francis Erasmy**, Paschtouer a Moderateur, ✉ 28, rue de la Montagne
L-6470 Echternach ☎ 727296 - 621 246624 💻 ferasmy@pt.lu
**Carlo Morbach**, Paschtouer, ☎ 621 197083 💻 carlo.morbach@cathol.lu
**Luc Schreiner**, Paschtouer, ✉ 5, rue Luc Bonblet L-6582 Rosport ☎ 691 842052
**Sylvie Kinnen**, Parassistentin , ☎ 26720022 💻 sylvie.kinnen@cathol.lu
**Anise Metz**, Parassistentin , ☎ 720149 💻 aimetz@pt.lu
**Josiane Mirkes**, Parassistentin, ☎ 621263256 💻 josiane.mirkes@education.lu
**Luc Zimmer**, Titularkatechet, 12, porte St Willibrord L-6486 Echternach,
☎ 26720376, 💻 luc.zimmer@cathol.lu

**Konto Parbréif:** BCEELULL **LU54 0019 5055 3954 5000**
(Kierchefong - Par Regioun Iechternach)

## Parbüro Iechternach

12, Porte St Willibrord L-6486 Echternach, ☎ 720149 , 💻 iechternach@cathol.lu

**De Parbüro ass op vu Dënschdes bis Donneschdes 10.00-12.00 Auer**
oder op Rendez-vous
iwwer Telephon si mir ereechbar.

### Büro Parzenter Lënster

15, rue du Village L-6140 Junglinster , ☎ 780043
**Permanence: Mëttwochs 10.00-10.45 Auer a Freides 16.30-17.45 Auer**
(de Büro ass zou an de Schoulvakanzen)

## Konto Massintentiounen:

BCEELULL **LU54 0019 5055 3954 5000**
Kierchefong C.T. / Reg Iechternach
*Fir all Uertschaften ass et déi selwecht Kontosnummer*

***Um Internet:***
eist **Parliewen** fannt Dir op: **cathol.lu/iechternach**
d'**Basilika** (eis Parkierch) fannt Dir op: **basilika.lu**

# Karwoch an Ouschteren

## an der Par Regioun Iechternach St Willibrord

### Gründonnerstag, 06.04.

| | | |
|---|---|---|
| Rosport | 18.00 | Kanner- a Familljemass |
| Berdorf | 17.00 | Kannergottesdéngscht |
| Beaufort | 18.30 | Mass vum leschten Abendmahl |
| Echternach | 18.30 | Mass vum leschten Abendmahl |
| Herborn | 19.30 | Mass vum leschten Abendmahl |

### Karfreitag, 07.04.

| | | |
|---|---|---|
| Moersdorf | 15.00 | Kräizwee,<br>duerno Ufank vun der Barmhäerzegkeetsnovene |
| Echternach | 15.00 | Kräizwee |
| Beaufort | 17.00 | Kannergottesdéngscht |
| Rosport | 17.00 | Kannergottesdéngscht |
| Consdorf | 18.30 | Feier vum Leiden an Stierwen Christi |
| Echternach | 18.30 | Feier vum Leiden an Stierwen Christi |

### Karsamstag - Osternacht, 08.04.

| | | |
|---|---|---|
| Bech | 11.00 | Feier fir Kanner a Familljen |
| Girsterklaus | 11.00 | "D'Stonn vun der Mamm" - Gebietsmoment |
| Hemstal | 18.00 | Feier vun der Ouschternuecht |
| Echternach | 21.00 | Feier vun der Ouschternuecht |
| Rosport | 21.00 | Feier vun der Ouschternuecht |

### Ostersonntag, 09.04.

| | | |
|---|---|---|
| Girsterklaus | 09.00 | Ouschtermass |
| Echternach | 09.00 | Ouschtermass |
| Beidweiler | 09.15 | Ouschtermass |
| Echternach | 10.30 | Ouschtermass |
| Steinheim | 10.30 | Ouschtermass |
| Junglinster | 10.45 | Ouschtermass |
| Berdorf | 10.45 | Ouschtermass |
| Beaufort | 10.45 | Ouschtergottesdéngscht |
| Born | 18.30 | Ouschtermass |
| Echternach | 18.30 | Ouschtermass |



### Ostermontag, 10.04.

| | | |
|---|---|---|
| Altrier | 09.00 | Ouschtermass |
| Echternach | 10.30 | Ouschtermass |
| Mompach | 10.30 | Ouschtermass |
| Breidweiler | 10.45 | Ouschtermass |
| Bollendorf-Pont | 10.45 | Ouschtergottesdéngscht |
| Osweiler | 15.30 | Celsusfeier - Houmass<br>duerno Seene vun Päerd, Veloen, Trakteren, Autoen, etc. |

# Beichtgelegenheiten

| | | | |
|---|---|---|---|
| Echternach | **Jeden Samstag** | 15.00-15.30 | Beichtgelegenheit |
| | **Karsamstag, 08. April** | 09.00-10.30 | Beichtgelegenheit |
| | | 15.00-16.00 | Beichtgelegenheit |
| Junglinster | **03. April** | 18.30 | Bussgottesdienst mit Beichtgelegenheit |

**In der Gemeinde Rospert-Mompach:**
**jeweils Dienstags nach dem Kreuzweg um 18.30 Uhr:**

Born 28.03. - Herborn 07.03. - Osweiler 14.03.
Moersdorf 21.03. - Mompach 28.03.

## Besonnescht **Rousekranzgebied** Faaschtesonndeger

„Den Rosenkranz beten ist tatsächlich nichts anderes, als mit Maria das Antlitz Christi zu betrachten" - esou den hellege Poopst Jean-Paul II. Dem Jesus an d'Gesiicht kucken, him méi nokommen. Dat ass jo déi grouss Invitatioun vun der Faaschtenzäit. Eng Méijlechkeet dat ze maachen ass eist Gebiet. Dofir wëlle mir, wéi schonns déi vergaange Joeren Sonndes an der Faaschtenzäit um 15.30 Auer net einfach ee vun de klassesche Rousekränz op der Giischterklaus bieden, ma d'Evangelium vum Sonndeg am gemeinsame Rousekranzgebied verdéiwen.

*Luc Schreiner*



# Liestipp...

## Gerda Schaffelhofer

## **Werft die Fesseln ab!**

### Kirche neu denken

VGN Buch, Wien 2022, 194 Seiten, 19,90 €.




An der leschter Zäit gëtt et ëmmer méi däitlech, dass sech eis Kierch als Institutioun an eng Sakgaass beweegt. Villes, wat fréier als richteg a gutt gesi gouf, ass haut a Fro gestalt. D'Institutioun Kierch a munch eminent Vertrieder wëllen och nach guer net gesinn, wéi séier des al Kierch am gaangen ass géint eng deck Mauer ze rennen an dorun ze zerbriechen. Déi al Hären wëllen net op hier Privileegien verzichten a scho guer net aner Chrëschtemënschen an hiren Domän era kucke loossen. Si bleiwe léiwer ënner sech, och wa si mierken, dass et an nächster Zäit wuel eriwwer ass.

D'Gerda Schaffelhofer, eng ganz engagéiert Chrëschtin, versicht an hirem Buch esou munch Problemfelder op ze zeechnen, déi eis als Kierch genee dohi bruecht hunn, wou mir am Moment stinn. Op nach eppes ze retten ass, weess si net. Si hofft awer, dass sech eng Ännerung an der Mentalitéit vun deenen, déi haut d'Kierch leeden, astellt, sou dass dach nach eng Zukunft méiglech ass. Allerdéngs, an dat deet wuel deenen ganz déck wéi, déi elo um Rudder sinn, et muss sech Villes veränneren. Vill Ligen a Märercher, Mythen a Verbriechen mussen kloer benannt an opgekläert ginn.

An engem éischten Deel analyséiert d'Autorin d'Problemfelder vun der aktueller Kierch. Diskutéiert ginn d'Plaz vun de Laien an der Kierch an do och ganz besonnesch d'Plaz vun de Fraen. Nach ëmmer gëtt sech op al Mythe beruff, déi längstens an der exegetescher Wëssenschaft als falsch erausgeschielt goufen. Weder de Jesus nach de Paulus hu verächtlech op d'Frae gekuckt. Mir wëssen, dass d'Entwécklung vun den Ämter an der Kierch zimmlech spéit asetzt a sécherlech net esou vum Jesus intendéiert war. Weder huet hie Männer zu Priister geweit nach huet hien Fraen vun der Verkënnegung vun der gudder Botschaft ausgeschloss. Mä et war eben och eng Fro vu Muecht, déi all dat begënschtegt huet, wat mir bis haut an eiser Kierch kennen. Aner Problemfelder si ganz sécher den Ëmgang mat der Sexualitéit oder mat dem Geld. Och hei leie vill Läichen am Keller vun der Kierch, déi mussen entsuergt ginn.

An engem zweeten Deel vum Buch geet d'Autorin dann drun, fir eng Rei Mosaiksteng ze proposéieren fir eng Kierchereform. Et ass munches net bequeem fir déi, déi d'Soen haut hunn an der Kierch. Awer de Kapp an de Sand ze stiechen a weider ze maachen wéi bis elo, dat féiert onweigerlech an den totale Ruin. Grad hei mussen al Strukturen ofgebaut ginn. Vun ënnen muss sech eis Kierch nei opstellen. Dofir brauch et eng Reform an de Leedungsetagen. Déi absolutistesch Muecht vun uewen huet ausgedéngt. Dat bedeit dann och dass personell Konsequenzen musse gezu ginn.

Et muss transparent sinn, wien eppes ze soen huet a wat gemaach soll ginn. Dass et nëmme Männer gëtt, déi d'Kierch leeden muss ophéieren. Dofir brauch et och en endgültege Schluss fir de Flichtzölibat, fir déi onwürdeg Vue op d'Sexualitéit an op d'Liewen iwwerhaapt. D'Kastewiesen vu Klerus a Laien, wéi d'Autorin et bezeechent, muss endlech eriwwer sinn an d'Plaz vun de Laien muss erëm déi ginn, déi si vun Ufank un haten.

Natierlech kann een der Autorin elo virwerfen, dass si ee „Rundumschlag" mécht an eventuell „das Kind mit dem Bade ausschüttet". Awer ouni eng pointéiert Formulatioun, ouni ee kräftegt Rëselen um Käfeg vun deenen alen Hären zu Roum an an de Bistümer geet et leider net. Et muss nach méi haart gejaut ginn, dass déi all endlech wakereg ginn an dass sech dann eppes ännert, ier et ze spéit ass.

De Paul M. Zulehner, ee grousse Pastoraltheolog, schreift a sengem Geleitwuert zum Buch: „Das vorliegende Buch ist mit ‚heißer Feder' geschrieben. Einmal mit dem Lesen angefangen, hört man nicht so leicht wieder auf." Sou ass et mir och gaangen

# Wolfgang Metz
# **Notwendige Unruhe**

## Über Kirche, Sexualität und Freiheit,

Echter Verlag Würzburg 2022, 160 Seiten, 14,90 €.

De Wolfgang Metz, gebuere 1978, ass Séilsuerger vun der Uni zu Tübingen a Paschtouer zu Sindelfingen. Ech hu schonn eng Rei vun senge Bicher an all Kéier schwätzen seng Gedichter a Texter mech un. Säin neist Buch, dat ech iech hei virstellen, stécht do awer ganz besonnesch ervir. Hien hëlt a sengen Texter kee Blat virun de Mond a schwätzt an aller Däitlechkeet a Fräiheet Themen un, déi eis als Kierch wéi als einfach Mënschen duerchaus beréieren. Déi eenzel Texter si jeeweils zimmlech kuerz, meeschtens nëmmen 2 bis 3 Säiten. Dat mécht et och einfach, fir no an no dëst Buch ze liesen an och ee wéineg méi genee iwwer déi eenzel ugeschwaten Themen selwer no ze denken. Ech hu wuel dat ganzt Buch an engem Owend duerchgelies, well et mech esou gefesselt huet, dass ech net konnt ophalen. De Wolfgang Metz schwätzt mir a Villem aus dem Häerz. Bal alles kann ech ënnerschreiwen, wat hie seet. Natierlech ass fir deem engen oder anerem seng Oueren oder Aen munches dach zimmlech pointéiert gesot. Et ass awer dofir net manner derwäert fir beduecht ze ginn.

Déi eenzel Texter sinn opgedeelt a 4 Kapitelen: Mensch werden, Kirche suchen, Freiheit finden an Unterwegs bleiben. Ëmmer nees gëtt d'Liewe vum Mënsch, wéi vum Chrëscht an der Kierch, wéi och dat vun engem Priister an de Kontext mat der helleger Schrëft gesat a kommentéiert. Vill nei Siichten si mir perséinlech dobäi opgaangen. Munchmol hunn ech misste schmunzelen an och alt emol richteg gutt laachen. Spannend war et all déi Gedanken ze meditéieren. Si dinn gutt a maachen



engem d'Aen op fir nei Dimensiounen vum Nodenken iwwer eis selwer an iwwer eis kierchlech Gemeinschaft am Allgemengen.

Ganz wonnerbar Sätz sinn do ze fannen, wéi beispillsweis op Säit 62: „ Ein guter Freund von mir meinte einmal, der einzige Grund gegen die Priesterweihe von Frauen seien die Frauen, die es unbedingt wollten. … Vielleicht stimmt das in manchen Fällen ja wirklich …… aber wenn es danach gehen würde, würde ich einige Mitbrüder kennen, die man dann auch nicht hätte weihen dürfen!" Oder op Säit 40-42, wou hien 1 Kor 13 nei formuléiert, do heescht et dann: „Schubladengeschwätz hat ein Ende, Unfug verstummt, Menschenverachtung vergeht." (S. 41)

An deem ganze Buch fënnt een ëmmer nees esou Sätz, déi ee ganz nodenklech maachen, déi een vläicht am éischte Moment laachen dinn, mä déi awer dann esou eng déif Wourecht eriwwer bréngen, dass ee beim Nodenken dann dach déif beréiert gëtt. Dem Wolfgang Metz seng Gedanken sinn dacks vun enger fermer Kritik a Suerg gepräägt. „Ich bin besorgt, wie wir als Gesellschaft / Kirche / Menschen miteinander umgehen." (S. 98) Mä si weisen awer och seng grouss Léift zu der Kierch an zu deem Glawen un eisen Här Jesus Christus. Säin Uleies ass et, fir och an eiser Zäit eng zäitgeméiss Form vu Kierch opzebauen, déi de Mënschen vun haut eng Heemecht an eng Stäip gëtt.

Ee lescht Zitat: „Fürchtet euch nicht, ihr herabblickenden Kirchenkritikerinnen, denen jede Veränderung zu wenig sein wird, und ihr neunmalklugen Hierarchieklammeraffen, denen jede Veränderung zu viel sein wird; ihr müsst damit leben und darauf vertrauen, dass es anders kommen wird." (S. 107)

*Carlo Morbach*

# Musik zur Fastenzeit

## Leçons de ténèbres de François Couperin

### Mittwoch 5. April | 19.00 Uhr | Girsterklaus

Gaëlle Vien, Sopran
Blandine Coulon, Mezzosopran
Beate Wins, Viola da gamba
Rosch Mirkes, Orgel



*Die Leçons de ténèbres sind Partituren, die für die Gottesdienste an den letzten drei Tagen der Karwoche komponiert wurden, die die Fastenzeit vor dem Osterfest beschließt. Die verwendeten Texte stammen aus den Klageliedern Jeremias und beziehen sich auf die Einsamkeit Jesu vor seiner Kreuzigung. Die erschütternde Musik, die Couperin zu diesem Thema komponierte, wurde nach dem Ritual des Gottesdienstes gespielt, der bei Einbruch der Dunkelheit abgehalten wurde. Am Ende jedes Stücks wurde eine der Kerzen, die die Kirche beleuchteten, gelöscht, was die allmähliche Verlassenheit Christi durch seine Jünger symbolisierte.*

# Drei Sätze Jesu für die Fasten- und Passionszeit

„Der Mensch lebt nicht vom Brot allein, sondern von jedem Wort, das aus Gottes Mund kommt.“ Diese Worte Jesu, die er dem Teufel in der Wüste entgegenhält, als der ihn auffordert, die herumliegenden Steine zu Brot zu machen, können Richtschnur sein für die Fasten- und Passionszeit: Da der Mensch nicht alleine vom Brot lebt, ist es auch zu wenig, in der Fastenzeit ausschließlich auf Brot, auf Nahrungs- und Genussmittel zu verzichten. Das Hören auf Gottes Wort gehört genauso dazu. Heißt für uns als Christen auch: Das Hören auf Jesu Wort, der Blick auf sein Leben, sein Wirken und ganz besonders seine Passion.

Können auch die zwei weiteren Sätze, mit denen Jesus die Versuchungen in der Wüste zurückweist, für uns zur Richtschnur für die Fasten- und Passionszeit werden? „In der Schrift heißt es auch: Du sollst den Herrn, deinen Gott, nicht auf die Probe stellen.“ Was kann das für mich oder für eine Gesellschaft heute bedeuten? Dass ich mich als Geschöpf Gottes und die Welt als seine Schöpfung bewahren möchte. Dass ich nicht ohne Rücksicht leben kann auf mich selbst, meine Mitmenschen und die Erde.



Und als dritten Satz: „Weg mit dir, Satan! Denn in der Schrift steht: Den Herrn, deinen Gott, sollst du anbeten und ihm allein dienen.“ Da bekomme ich eine sehr konkrete Inhaltsangabe für die nächsten sechs Wochen: Beten und dem Herrn dienen, indem ich anderen Menschen diene, das heißt, mich für sie engagiere, ihnen Gutes tue, mir Zeit für sie nehme oder auch mit ihnen teile. Die Formen und Möglichkeiten den Menschen und damit Gott zu dienen sind vielfältig. Drei Sätze Jesu – drei Facetten für eine gesegnete Fasten- und Passionszeit.

# En Tour op Bur [1]

Déi Burer Duerfkierch ass eng typesch Lëtzebuerger Kierch, wéi si an der zweeter Hallschent vum 19. Jht. dacks am Land gebaut goufen. Nodeems de Minett an domadder verbonnen d'Thomasschlaaken aus der Eisenindustrie als Dünger fir d'Landwirtschaft entdeckt woren, koume fir Lëtzebuerg besser Zäiten, wou d'Populatioun an de Wuelstand méi grouss gi sinn. Esou ass och 1867, wéi de Michel Fox Paschtouer wor, fir Bur decidéiert ginn, eng nei Kierch ze bauen. Déi al wor a schlechtem Zoustand an ze kleng. Well d'Kierch als Gemengegebai ugesi wor, goufen, wéi op ville Plazen am Land, och fir déi Burer nei Kierch d'Pläng vum Staatsarchitekt Charles Arendt, dem "Lëtzebuerger Violet-le-Duc", entworf. Tëscht 1872 an 1874 ass gebaut ginn ier de Bëschof Adames de 4. Juli 1876 d'Kierch weie konnt.[2] Passend am Stil ass d'Paschtoueschhaus an der Entrée vum Kierfecht. Bis haut deet et munch al Burer nach am Häerz wéi, wa si drunn denken, wéi dat Haus, nodeems kee Paschtouer méi an d'Duerf wunne koum, verkaaft gouf.



Den Héichaltor, de Priedegtstull an d'Kommiounsbänk, wou aus Deeler de neie Massaltor gestalt ginn ass, sinn aus der Zäit, wéi d'Kierch gebaut sinn. Aus dem Virgängerbau goufen déi zwee Säitenaltär iwwerholl, déi wuel wéi Holz ausgesinn, ma fir Lëtzebuerg seelen, ma an der Gemeng Rouspert-Mompech méi dacks geleefeg, aus Stee gehae sinn. Zu Bur gouf jo laang Zäit de Burer Sandsteen / Grès de Born a Steekaulen ofgebaut.

Haaptpatréiner vun der Kierch ass zënter uralen Zäiten den hellege Martinus, deem säi Fest am Duerf um 1. Sonndeg nom 10. November gefeiert gëtt. Niewepatréiner ass den hellege Quirinus vu Neuss, deen den 30. Abrëll am Hellegekalenner steet. A Schrëfte fanne mir och en Hiwäis op d'Kirchweihfest um Sonndeg no Lukasdag, d.h. nom 18. Oktober. Ausser als Kiermes vun der fréierer Burer Filial Giischt, wou de Lukas Kierchepatréiner ass, gëtt dësen Dag zu Bur haut net méi begaang, während d'Martinus- an d'Quirinuskiermes bis haut an der Kierch a vun der Musek mam Hämmelsmarsch gehale ginn.

Bis zur rezenter Strukturreform no der Trennung vu Kierch a Staat, wou Bur Deel vun der neier Par-Regioun-Iechternach-Hl.-Willibrord ginn ass, wor et eng eegestänneg Por, déi scho virun 1389 bestan huet.[3] „Das auf ein hohes Alter hindeutende Martinuspatrozinum lässt vermuten, dass an diesem Ort im Sauertal schon eine Kirche stand, ehe das Gebiet um Rosport vermutlich im 7. oder beginnenden 8. Jahrhundert, in den Besitz der Trierer Frauenabtei Oeren-St. Irminen gelangte."[4] En Heinrich, Chanoine vu St. Paulin zu Tréier, ass den éischten Paschtouer am Ënnersauerduerf, deen eis d'historesch

Quellen iwwerliwweren. Deemools wor et Sträit ginn wéinst engem neie Paschtouer vu Bur. Do huet dunn de Popst Innozenz IV. de 5. Februar 1247 de Bëschof vun Utrecht ugestallt, dëse Geeschtlechen „in den Besitz der Pfarrkirche von Born (Burne) einzuführen."[5] Net all Paschtéier wore fromm. Enn 1744 gëtt de Burer Paschtouer Johann Streng mat senger Härekächen, sengem Koschter an zwee auswäertege Männer wéinst Geldfälschung gefaange geholl a spéider verurteelt. Aus méi rezenten Zäiten ass bei munch eeler Leit aus der Géigend de Paschtouer Nic. Godfroid als de Burer Néckel mat villen Anekdoten, ma och als geschätzten Beichtvater an Erënnerung. Hie wor mat ee vun deenen éischten Hären an der Diözes, deen nach eng zweet Por dobäikrut: nämlech vun 1951 un d'Porverwaltung vu Mompech.[6]



Fotoen © Luc Schreiner

An dësem klengen Ausfluch an d'Burer Kierchegeschicht dierf d'Schwëster Emilie C.S.S.E. net vergiess ginn. 1911 zu Bur als Anna Roob gebuer, wor si bei deenen éischte Lëtzebuerger Elisabetherinnen, déi 1939 am deemools belsche Kongo eng Maternité an en Dispensaire fir déi Krank opgemaach hunn. Do hat si sech och ëm Weesekanner gekëmmert. Nodeems d'Land onofhängeg gi wor, an d'Schwësteren net mat de Kolonialhären de Kongo verloossen, ma wéinst de Mënschen am Land bleiwe wollten, wor si wéi vill aner donidden onschëlleg an eng tragesch Spiral vun Décolonisatioun, kale Krich, Muechtkämpf, politesche Chaos an Drogekämpf geroden an ass mat zwou vun hiere Matschwëstere vun der hl. Elisabeth, véier Lëtzebuerger Schoulschwësteren a villen aneren Uerdensleit de 25. November 1964 vu Rebellen brutal ëmbruecht ginn.[7]

Wikipedia kënnt nach 18 aner Uertschaften resp. Quartiere vu Stied an der Belsch, Däitschland, Frankräich, Holland, an der Schwäiz an a Spuenien, déi Born, Le Born oder El Born heeschen. Zu Lëtzebuerg gëtt et nieft Bur un der Sauer och Bur bei Tënten, wat awer op franséisch/däitsch Bour heescht. Eist Bur huet säi Numm wuel vun enger Salzwaasserquell „um Salzwaasser" net wäit vun der aktueller Schoul.

*Luc Schreiner*

1 Déi Burer halen op d'Schreifweis Bur fir hieren Duerfnumm op Lëtzebuergesch, net Bour oder Buer.
2 Jean-Claude Muller, Sieben Kapitel Borner Kirchengeschichte von 1247 bis 1999, in: Burer Musik asbl. (Ed.), 1898-1998. 100 Joer Burer Musik. Bur. Seng Geschicht. Seng Leit. Seng Musik, Luxemburg, 1999, S. 311
3 Vgl. M. Michels, Die Geistlichen Luxemburgs seit 1801, Luxemburg, 1940, S. 46.
4 Andreas Heinz, Die heute luxemburgischen Sauertal-Pfarreien Born, Rosport und Echternach im ehemaligen Landkapitel Bitburg. in: Jahrbuch Kreis Trier-Saarburg 2023, Trier 2023, S. 264f.
5 Vgl. Jean-Claude Muller, S.284.
6 Vgl. Jean-Claude Muller, S. 293.
7 Vgl. P. Ch. Schuster & P. Jos Adam, Leidensweg & Ermordung der Missionare und Schwestern in Stanleyville. In: Heimat + Mission, 3-4, 1956, S. 86.

# Mäerz: Jousefsmount - net just op der Giischterklaus



De Mäerz gëllt an der kathoulescher populärer Frëmmegkeet als de Mount vum hellege Jousef. Haut, an dësen Zäite, wou mir net wësse wat alles op eis zoukënnt, kann de Mann vu Nazareth eis e Virbild sinn, wéi ee mat Gottvertrauen u Situatiounen erugeet, déi ee sech selwer net gesicht huet, ma wou een awer eens gi muss. Esou hunn ëmmer nees Leit op hie gekuckt an ëm säi Gebiet gefrot. Ma och soss kann de Jousef eis munches matginn. Als Aarbechter aus engem einfache Milieu ass hie Modell fir vill Mënschen, déi am Alldag op der Schaff an an der Famill hire Mann an hier Fra stelle mussen. An der Bibel gëtt eis kee Wuert vun him iwwerliwwert. Ma d'Evangelie weisen eis e Mann, dee no sengem Gewëssen handelt, deen op d'Botschafte vum Liewe lauschtert. Esou wéi Milliounen vu Pappen bereet och hien dat him uvertrautent Kand op d'Liewe vir a léisst en, wou de Moment do ass, säi Wee goen. Den hellege Jousef, e Mann, deen eis haut nach vill soe kann. Dofir wëlle mir am Mäerz net just extra op seng Statue an eise Kierche kucken, ma op säi Liewen a seng stëll Botschaften.

An eiser Por ass den hellege Jousef Patréiner vum Konsdrëffer Altersheim an vun der Kapell vu Lauterbur (nieft dem Schlass). Op der Giischterklaus gëtt hien als Niewepatréiner veréiert. Do ass d'Traditioun dokumentéiert, datt d'jonk Frae bei hie pilgeren: „Heiliger Josef zu dir kommen wir, einen guten Mann begehren wir."

*Luc Schreiner*

Mam Ufank vum Jousefsmount Mäerz fänken op der Giischterklaus nees d'Andachte Sonndesmëttes um 4 Auer un.

**Sonndeger an der Faaschtenzäit op der Giischterklaus**
09.00 Hl. Mass - 15:30 Rousekranz „mam Sonndesevangelium"
16.00 Andacht

**Jousefsfest** - dëst Joer wéint dem Sonndeg e **Méindeg 20. Mäerz**
14.30 Rousekranz vum hellege Jousef mat Jousefslidder
15.15 Festhoumass

# Dëst & dat...

## D'Massendénger aus der Gemeng Konsdref

siche Verstäerkung !




Meedercher a Jongen vum Cycle 3 un sinn häerzlech wëllkomm fir aktiv bei de Massendénger mat ze maachen.
Kontakt: massendengerconsdorf@pt.lu - Tel: 621 622 511

All Schoulkanner vum Cycle 3 un sinn häerzlechst invitéiert fir an der Gemeng Konsdref op Karfreideg a Karsamsdeg mat klibberen ze goen (och wann dir keng eege Klibber hutt). Fir all weider Informatiounen a fir sech unzemellen
(bis den 01.04.2023): massendengerconsdorf@pt.lu



## Scheckiwwerreechung

D'Fraen a Mammen Sektioun Echternach gouf 1962 gegrënnt an dëst 60. Jubiläum hu mir mat enger feierlecher Mass an engem gudden Iesse gefeiert. Den Erléis vum Iessen gouf op der Generalversammlung un d'Caritas Lëtzebuerg gespend, zu Gonschte vun den Ukrainesche Flüchtlingen. *Henriette Spedener*

## Vergelt's Gott dem Uesweller Organist Alphonse Ries

Iwwer 60 Joer Organist a sengem Heemechtsduerf - dofir kucke mir dëser voller Dankbarkeet op den Alphonse Ries vun Uesweller an invitéieren jiddereen dem Fons Sonndes, den 12. Mäerz um 10.30 Auer an der Houmass zu Uesweller an duerno bei engem Patt fir säi joerzéngtelaangen Dingscht Merci ze soen.

Nodeems de Vic Schaminé, Dirigent an Organist am Duerf stënterlech gestuerwe wor, hat „Maesch Fons" de Wee op Iechternach bei de Basilikaorganist fir Uergelcourse geholl. Esou konnt hien den 1. Januar 1959 d'Relève iwwerhuelen. Wéi ech virun 13 Joer mäin Dingscht op der Ennersauer ugefaangen hunn, wor de Fons net just fir d'Sonndesmassen, ma all Kéiers, wann eppes an der Kierch wor, prett fir de musikaleschen Asaz. Minutéis huet hie sech op d'Masse virbereed, iwwerluecht, wat fir eng Lidder passe kéinten an e Programm opgestallt, deen hien doheem op senger elektronescher Uergel astudéiert hat. Nodeems de Fons den Alter, wou esouguer Kardineel hiert Poopstwahlrecht ofgi mussen, zënter enger Zäit iwwerschratt an der Lescht e puer Suergen mat den Aan hat, huet hien zejoert seng Organistepensioun ugefrot. Vergelt's Gott, léiwe Fons, fir déi vill Dingschter fir eis Gemeinschaft an och fir de lokale Männerkierchechouer, an deems Dir zënter dem 4. Januar 1954 aktive Member sidd.

Léif Jonk vun Uesweller a vun den Uertschafte ronderëm, wéi sengerzäit säi Virgänger fir den Alphonse Ries ass och haut eise Basilikasorganist gäer bereed Iech Uergelcoursen ze ginn. Dat wier mat dee schéinste Kado, dee mir dem Fons maache kéinten, wann een aus dem Duerf oder der Gemeng de Flambeau, deen hien esou laang um Uesweller Duxall héichgehalen huet, weiderdroe géif.

*Luc Schreiner*




# Gottesdéngschter fir Kanner

- **Bäerdref** an der Kierch, all Samschdes 16.30 Auer Kannergottesdéngscht
- **Befort** an der Kierch, all Samschdes 18.00 Auer Kannergottesdéngscht
- **Iechternach** an der Basilika: all Mëttwochs 18.30 Auer Kanner- a Familljemass
- **Lënster** an der Kierch: all Freides ëm 18.30 Auer Kanner- a Familljemas
- **Rouspert** an der Kierch, all Freides ëm 18.00 Auer Kannergottesdéngscht (ausser den 17.03.)
- **Girsterklaus** an der Kierch, Freides, den 17.03.: Kannerwallfahrt bei den Hl. Jousef

***An de Schoulvakanzen si keng Kannergottesdéngschter***

# D'Lënster Kierchemaisercher...

...ass e Projet fir Kanner aus der Spillschoul a vum Cycle 2.1, all zwou Wochen Freides vun 18.15-19.15 Auer (ausser de Schoulvakanzen). Déi nächst Treffen sinn am Parzentrum vu Lënster (15, rue du Village) den: **10.03.23 - 24.03.23 - 21.04. 23**

*...un projet au sein de l'église, pour les enfants de la `Spillschoul`et du cycle 2.1, le vendredi , toutes les deux semaines de 18h15 -19h15 (à l'exception des vacances scolaires) , au centre paroissial de Junglinste (15, rue du village). Prochaines dates:* **10.03. - 24.03. - 21.04.**

# Date mat Gott

## Gebietsmoment fir Jugendlecher

***Den Date ass och eng Virbereedung op d'Firmung!***

Déi nächst Treffe zu Iechternach 19.00 Auer an der Basilika:
**28.02.23 - 14.03.23 - 28.03.23**

# Klibberen op de Kardeeg

Et ass eng al Traditioun, datt op de Kardeeg d'Kanner an d'Jugendlech, resp. d'Massendénger, als Ersatz vum Lauden vun de Klacken klibberen ginn. Mir wiere frou, wann sech och dëst Joer vill Kanner a Jugendlech an all eisen Uertschafte kéinten engagéieren an deen Déngscht fir eis Par iwwerhuelen. Mellt iech bäi de Verantwortlechen oder bei der Pastoralékipp. Natierlech ginn d'Klibberkanner och um Karsamschdeg ophiewen. Denkt also drunn a gitt hinnen eng kleng Belounung.

# Dat (Vir-) Lescht




**„Papa, gib mir bitte ein paar Euro für die arme Frau unten im Park“, bettelt Rudi. Sein Vater ist beeindruckt von der Hilfsbereitschaft seines Sohnes und gibt ihm das Geld. „Weißt du denn“, fragt er ihn, „warum sie ihr Geld nicht selbst verdienen kann?“ – „Aber das tut sie doch“, antwortet Rudi, „sie verkauft Süßigkeiten.“**






göttinger knaben chor

**26 Mars**
**Junglinster**
St. Martin
16h

# *car dieu a tant aimé le monde*

*aussi:*
**Messe avec la participation du *Göttinger Knabenchor***
St. Martin de Junglinster
26 Mars
10:45h



**Le chœur de garçons de Göttingen, Allemagne** *et la chorale*
**Pueri Cantores du Conservatoire de Luxembourg**

*Concert avec des œuvres de* Schütz, Bach, Mozart, Fauré *et* Barbara

*direction* Michael Krause *(Göttingen) et* Pierre Nimax *(Pueri Cantores)*
*piano* Nataliia Bachmann, *orgue* Nicholas Myers, *baryton* Florian Franke

*participation libre*

© 2023 Göttinger Knabenchor e. V., Godehardstr. 19–21, 37081 Göttingen, Allemagne